ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Laut däitsche Medien ass de Coronavirus an Italien schonns méi laang aktiv, ewéi bis elo ugeholl gouf. Am Dezember 2019 goufen zu Mailand an zu Turin genetesch Spuere vum Erreeger COVID-19 am Agank vun de Kläranlagen am Waasser nogewisen, dëst vum italienesche Gesondheetsinstitut ISS. Spéider konnten och aner Géigenden, ewéi Bologna, den Erreeger am Agang vun de Kläranlagen noweisen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch :

1. Ginn zu Lëtzebuerg och - am Agang ewéi och am Ausgang vun de Kläranlagen - Waasserprouwe geholl am Hibléck op méiglech Krankheetserreeger?
2. Wa Jo, ginn et festgeluechte Krittären am Hibléck op d'Heefegkeet an op d'Aart a Weis, wéi dës Prouwen ze huele sinn? Wa jo, wéi gesinn des Krittären aus a wat fir eng Resultater weisen si op?
3. Gëtt et eng Opléschtung, wat fir eng Erreeger, egal vu wéi enger Aart, virum Klärprozess am Waasser vun de jeeweilege Kläranlagen nogewise kënne ginn a wéi eng Aart Erreeger nom Klärprozess kënnen nogewise ginn? Kann een dorausser Konklusiounen zéien a wéi gesinn dës aus?
4. Goufen och scho virum Feststelle vum Corona-Virus Prouwen aus dem Ofwaasser vun eenzele Kläranlage geholl am Bezuch op den Erreeger Sars-CoV-2? Wa jo, wéi eng Erkenntnisser hunn sech dorausser erginn?
5. Goufen duerno - d.h. ab Mäerz 2020 - och nach Prouwen aus de Kläranlage geholl am Bezuch op den Erreeger Sars-CoC-2? Wa jo, wéi eng Erkenntnisser hunn sech dorausser erginn?

An Italien goufen dës genetesch Spueren am Agang vun de Kläranlage festgestallt, duerfir dës zousätzlech Froen:

6. Am Fall, wou esou Spuere vun dësem Erreeger **Sars-CoV-2** am Agank bei de Kläranlage festgestallt ginn: Wéi ka séchergestallt ginn, datt dësen Erreeger nom Klär-Prozess eliminéiert ass?
7. Ginn et Etüden oder Erkenntnisser a wéi weit de Sars-CoV-2 Erreeger och nom Klärprozess nach kéint eis Gesondheet beaflossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten